
# BËSCHAARBECHT MAM GROUSSPAPP.

**VUM M'REIE LEX**

De Wanter,wann de Schnéi d'Gewan,d'Duerf an de Wee bedeckt hat,huet ëmmer eppes hannert mengem Grousspapp,de M'Reien Albert,gekrabbelt fir an de Bësch. Laang,als Bouf hun ech nët versta, wat mat him lass wir.
Een Dag Mueres as hien opgestan a nom Kaffidrénken huet hie sech emol hannenaus an de Schapp geschlëbbert.
An du as et lass gaang !




Am Schapp sin d'Aaxen,d'Kromm,d'See,d'Schlo an d'Wecken erbei geraaft gin. E puer Deeg huet et gedauert fir alles ze schläifen an ze fëflen ,d'Stillen am Geschir fest halen ze din an alles an d'Rei ze brengen .

* * *

Een Dag Mueres huet een mäi Grousspapp nët méi am Duerf behal .

* * *

## MÉI FRÉI OP

Deen Dag sin ech méi fréi aus dem Bett gezunn a warem ugedoe gin.D'Bomi huet eis och Schmiéren agepaakt an ee Bidong Kaffi.

Esou hun ech gewosst wat lass wir ... mer sin an de Bësch gaang !
De Bopa huet d'Päerd ugespaant,et war de gudden ale Bijou, e puer Bauschten Hee a Strei op d'Kar geluegt,d'Bëschgeschir an e Groupere Sak gestach a mer dee bei d'Feiss vrun d'Hee geschoss. Warem gekleet soutz ech um Strei an der Mëtt op der Kar ,de Grousspapp ,hien,soutz ëmmer vir mat de Been derlaanscht eraufhänken,op der lenkser Säit.
Dann huet hien nach eng Päif gestoppt fir de Wee si ugefaang ,d'Leng an d'Hand geholl... an dann as den:" ALLEZ-HOP!Bijou"Komm .
A fort ware mer an de Bëcsh fir e ganzen Dag bei de Muselbur !
De Muselbur as bei eis haut nach gutt bekannt als schei Plaz wou de Mä d'Märeischen bléit an de Juni d'schwaarzt Bier am seiersten zeideg gët. Do as et och am beschten ...d'Bier,gläft mer ës !
De Muselbur as och eng Oder wou esou schei klort Waasser aus dem Buedem lääft ,dat bescht Drénkwaasser vun der Geigend!
Soss sin eis Leit bis duer wësche gaang alles wat de wanter an d' Bauchbidde gestach as gin .
Wat kéint de Muselbur haut eise Kanner ziéle wat hie matgemeet huet...
wat hien héieren huet ... wat hien erlieft huet ...!
Erziéle vun de Leit,vun hiren Tein a Sprenk... vun de Wäschblälle déi Hët an Har op d'Lengend geflätscht hun... !
Wéivill mol huet hien dat Lidd nët héieren schaulen am Bësch ?
An haut as hien nach do mais d'Wäschfraën bleiwen doheem ,si hun et vill méi liicht .
D'Oder déngt nach ëmmer fir d'Duerf Drénkwaasser, mat Maschine si si koum d'Waasser opfänken a pompelen bis uewen op d'Kopp an de Waassertur ... a wann ech haut doheem de Krunn dréine fir en Zock ze drénken denken ech alt un de guede Muselbur vu menger Jugend.


* * *

Wann elo sech virstellt wéi d'Leit sech deemols mat der Aarbecht gehol hun !

* * *

# d'Bëschgeschir


d'Schlo.





d'Drumsee.

d'Wecken.




d'Kromm.






d'Aax.



d'Bocksee.






d'Räissen

Fir op de Muselbue ze kommen hu mer musse duurch d'Duerf, iwert d'Setzbaach,d'Grouss-Strooss,an de Sulig opfueren.
Op der Bréck fir iwer d'Baach huet mäi Grousspapp mer gesot datt hie fréier ëmmer duurch d'Baach huet musse fuere ,wëll du war nach keng Bréck ,et gesäit een d'Plaz nach haut,de Spuer vun dee vill Ween déi do derduurch gefuer sin as,mengen ech fir éwech an de Buedem gedréckt ...
De Sulig as déi héischt Kopp vun der Emgégend,vum Suesser Baun.
An elo steet jo och de Waassertur do,an dee gët d'Waasser vum Muselbur eropgepomppelt fir dann d'Waasser ledong ze fëllen, an heem un all Krunn lafen ze kommen .
Um Sulig geet de Gemengebësch un an esoubal am Bësch geet fir mech d'Bëschschoul un . Esou laang wéi de Wee bis an d'Coupe gedauert huet, huet de "Pätter Albert"(esou hun ech hien ëmmer genannt)mer erklärt wat eng Buch,enh Hobuch,de Josefsbam, Ënnergehéilz ...asw ... wir. Och all Tratt am Schnéi,all Vullennascht,all Vull a Blimmchen huet hie kannt .





d'Buch.

Méi wäit ënnerwee hu mer de "Jhannékel" oder de "Kippchen" begéint;si waren deen Dag e besse méi fréi eraus , an och de"Piéri";deen as alt huerteg op d'Kar gesprong fir och gefouert ze gin, de " Schanës Luss";deen d'Waasser esou gutt kount sichen de"Jhoken Arthur" an den"Tinnes Léon", d' " Wonere" an d' "Amange" si vill méi spéit koum.

An da war dat ëmmer : " Moien!" hei a" Moien!" do; "A wei geet et haut" a " Wat as Neies?"do. "Wou läit däi Joun?" " Bas du an der Dällt ?" "Ech sin um Bierg!" " Muss du vill eraus droen?" " Neen! Ech komme mam Päerd bis derbei!"



d'Ech

Dat war eppes wéi d'Hallefschoulzäit a menger Bëschschoul an esou hun ech déi al Leit vum Duerf geléiert kennen.

Mais dann as d'Schoul erëm ugaang ...

Do steet eng Berk de Bam mat der wäisser Schuel an esou reng Häscht an der Spëtz; dohannen ,dee kniédege mat de verdréinten Häscht dat as eng Ääch dat as deen deen d' Eechelen dréit, an hei as d'Buch, dat gët dat bescht Brennhoulz ,näischt iwer Bichenhoulz! An do en Dennebam fir de Wanter de Krëschbeemchen ze rëschten ...

* * *



den Dennebam.

Déi Leit vun dier Zäit,wéi mäi Grousspapp an déi aner v un deemols am Bësch sin haut nët méi all do mä ware si gutt oder schlecht si hun all dem Duerf säin eege Liéwe gemeet.

* * *



B E S C H A A R B E C H T
M A M G R O U S S P A P P.

vum M'Reie Lex.

## AN DER COUPE

Elo hale mer op der Plaz;de Grousspapp spréngt vun der Kar erof,setzt d' Fauschten op d'Hëffen,hëft d'Kap e bëssi op a kratzt sech d'Hor. Als Bouf hun mer dat ëmmer esou komesch ugesin mä haut wou ech elo esou lues bei den Alter kommen fir Bopa ze gin huelen ech anuecht dass ech dat selwecht maachen. Da rëselen ech de Kapp an denken : "Dat hues du vum him geierft.

- Den Apel fält keemol wäit vum Bam!


Ee mol an der Coupe a sech d'Aarbecht bekuckt an iwerluecht dann as et lass gaang -an och fir de jonke Bouf deen ech war- -" Hei Jong,huet de Grousspapp gesot,komm mer hëllefen d'Päerd ausspanen." Esoubal d'Gestell um Buedem huet de Bijou d'Geschir ausgedoe kritt,bei ee Bam gesrteckt gin,eng Bauscht Stréi an Hä vrun d'Houfeise geluecht... nit eent nit zwee huet de Bijou och ugefaang mat friessen.

- " Haut muss ëmgeluecht gin ,huet de Pätter gesot." A schon huet en den Aaxestill gegraff .



# E FÄLLT

Et muss kee mengen dass dat esou einfach as,dass alles eleng geet;d'Bëschmänner hautjesdag hun et liicht mat de moderne Maschinen. An der Zäit war dat nit esou a mäi Grousspapp hat nach ,menger Meenong no ,seng eeger Aart fir ee Bam ze behandelen. Fir d'éischt as emol ëm de Bam gedréint gin,de Stack bekuckt gin,d'Aen an d'Luucht gehoff gin ,fir d'Kroun auszebiichten,dann een,zwein Schréck zréck fir ze gesin wuer e misst falen,an dann erléischt as ugehae gin .



de Bam gët ugehaen

Neen ! nit grad esou séier !
Et bleift nach eppes ze din wëll de Pätter Albert hat ëmmer sengem klenge Lex eppes beizebréngen . Mat him war ech ëmmer an der "Naturliéweschoul" . D'Schoulzäit as ëmmer ugaang mat de Wiirder:" Jong!verhal gutt wat ech der soen !" Duerno as alles koum .
- "Botz mer alles um Buedem ëm dem Bam ewech,déi kleng Sträiss, déi meescht Blieder, et muss een de Stack ëmmer gutt gesin a näischt an de Féiss trëllen hun;et kéint een emol falen; mat de Schong hänke bleiwen a sech eng gin... "

Esou huet hie mer ëmmer erklärt dat wat ech woult froen an dacks hun ech mech befrot wéi hien ëmmer kéint roden dat wat ech gär géif wëssen

Wann de Stack gutt propper gebotzt as,wann näischt dech mei hënnert da muss du och nach gutt wiele wuer de Bam fällt;geweinlech duer wou am mannste Schued gët,dat as jo natiirlech! Dofir as et och ganz wichteg de Bam op der gudder a richtiger Säit unzehaen.

" Esou- nu gëf uecht Jong!"huet de Grousspapp dann gesot an dann huet hi mer d'Plaz gewisen wuer en huet musse falen,dann huet hien en ugehaen an ech hu mussen op d'Säit stoen a stoe bleiwen bis un d'Enn.

An et huet net geheescht ze wibbelen.

" Wei wëllt kommedeiere muss d'eischt gutt heieren"

De Fistong aus de Féiss ,as et lass gaang;d'Aax as an d'Luucht an dann widder de Bam geflunn,genee op d'Plaz **Schlaach fir Schlaach.** Bal war de Still uewen bal ënnen ,an d'Spein sin dueruechter geflunn. Am Bësch huet geschallt ... nit eemol mei seier wei dei aner. No enger gewëssen Zäit war de Bam ugehaen an dat wei et huet musse sin.

Dann huet de Grousspapp an d'Hänn gespaut,sech d'Hänn iwerenee geriwwen an dann as et dei aner Säit lass gaang.

Ech hun nit vu Plaz gewiésselt. Roueg soutz ech do de Grousspapp an de Bam an den Aen ze halen. Op eemol huet et haart gekreckt 't Hätt wuel gemengt de Bam deit wëlle soen:" Pätter,gëf gutt uecht elo as et esou wäit!" D'Aax häckt elo mei lues... de Bam kreckt ëmmer mei,lues a lues hänkt en sech an dann ... wei wann en deit ee Kreesch din ,fällt en duer an engem grousse Gedäisch.

Elo läit en do ! En ziddert nach eemol... a fäerdeg ...

M'Reien Albert häfft d'Kap op; kratzt sech de Kapp,deet d" Kap ërem op ... e wëscht sech de Schwääss mam Nuesschnappeg op der Stir a fänkt eng Päif un ...

- Beim Holz kann ee sech dräimol wiermen


fir d'éischt wnn's du et méchs

fir d'zweet wann's du et räiss

fir d'drëtt wann's du et am Uewe brenns...

.../...


de Lof
d'Hupp.
de Stack
d'Wuurzelen


d'Kouert

